

**Agrarpolitesch Stellungnahm
vun de
Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer**

virgedroë vum Paul KAIL

Léif Éiregäscht,
Dir Dammen an dir Hären,

Wéi et op dësem Dag zur Traditioun ginn ass, sou stelle mir och dëst Joer nees d'Siicht vun deene Jonken zu der aktueller agrarpolitescher Lag an eisem Land vir. Bei der Preparatioun vun dëser Stellungnahm hu mir awer nees misse feststellen, datt ëmmer nach vill vun eise Fuerderungen iwver laang Joren hannereneen déi selwecht waren, ouni datt sech eppes Konkretes geännert huet.

Meeschterkaart

Mir wëlle mat der Meeschterkaart ufänken. Um Jongbaueren- a Jongwënzerdag vum leschte Joer waren mir bei dësem wichtigen Punkt ganz optimistesich. Mir waren der Meenung, datt d'Chambre d'Agriculture - mat un der Spëtzt hierem Präsident, dem Här Marco Gaasch - ganz asiichteg wier. Mëttlerweil läit dëse Projet awer wahrscheinlech nees an engem Tirang. Et ass bei enger Wonschvirstellung bliwwen a mir maachen äis Suergen ëm eis Zukunft.

Deemno kann een sech d'Fro stellen; Wat maache mir dann iwverhaupt nach mat enger Landwirtschaftskammer, wann si d'Intresse vun deene jonke Betriebsleeder net zweckmässeg vertritt? Schließlech muss jo jiddereen och hei säi Beitrag bezuelen.

Renaturéierung

Äis Baueren fällt déi nobel Aufgab vun der Liewensmëttelproduktioun zou. Derniewent ass et eis d'Pflicht, d'Erhalen an d'Pflegen vun eiser Landschaft ze garantéieren.

Eist kléngt Land - mat sénger vielfälteger an ofwiesslungsräicher Kulturlandschaft - ass zum Deel och d'Resultat an de Verdingscht vum deem, wat eis Virgänger doraus gemaach hunn a wat mir Baueren weider doraus maachen. Jiddereen, deen eist Land kennt, gesäit, datt vun enger sougenannter *Agrarwüste* kéng Spuer ze fannen ass. Dat kann een awer net a verschiddene Géigenden vun eise Nopeschlänner behaupten, déi rieseg Flächen vu Monokulturen an der Gréisst vun eisem Land opzeweisen hunn.

Trotzdem gefällt munneche Leit eis Aart a Weis ze schaffen net. Op dëser Plaz wëlle mir awer kee perséinlech ugräifen!

Renaturéierung ass IN! Bei dëser Mossnahm gi vill Baachen oder Flëss queesch duerch wäertvollt Aackerland oder durch gutt Wisse geleet. Mir froen äis wat dat soll? Mir sinn dach hei net am Urwald!

Et kann dach net sinn, datt eenzel Beamten esou eng Muecht hunn, datt si hir Pläng verwirkleche kënnen ouni Rücksicht op déi concernéiert Baueren ze huelen. Ass grad déi eng Renaturéierungsmossnahm duerchgefouert ginn, geet et mat enger nächster virun. An dat mat Landpräisser, déi net méi seriö sinn, fir dono deen een oder aneren Galloway dran ze setzen.

Äis geet gesot, datt d'Renaturéierung d'Fonktioun vun de Kläranlagen soll iwwerhuelen. Mir froen äis awer, ob déi Gelder net anerwärts méi sënnvoll kënnen agesat ginn? Wa mir Baueren eng Zukunft sollen hunn, da musse mir op déi wäertvoll Notzflächen zréckgräife kënnen. Dat ass d'Grundlag vun eise Betriber. Der Renaturéierungs-Euphorie vun eenzelne Beamten kënnen mir deemno net zoustëmmen.

Vétérinaire-Inspektioun a Labo

E weidert aktuellt Suergekand vun der Lëtzebuurger Landwirtschaft ass d'Blozonge-Kränk. Nom éischte Fall, dee Mëtt August am Osten vun eisem Land opgetratt ass, huet dës Kränk sech séier a ganz Lëtzebuerg ausgebreet. Déi finanziell Auswierkungen op de Bauerestand sinn enorm. En zolidde Réckgang vun der Fleesch- a Mëllechleeschtung beim Véi an déi onëmgänglech héich Vétérinaire- a Medikamenterkäschten belaaschten eis Betriber. Méi wéi dausend Ranner, Schof a Geessen hunn Blozonge-Kränk net iwwerlieft.

No deenen ufänglechen 2/3 vum Maartpräis, gëtt méttlerweil dee volle Präis vum Béischt entschiedegt. Datt dëst allerdings bei Wäitem net duergeet, ass bei deene Concernéierte gewosst.

D'Nowéien vun dësem Virus wäerten äis déi nächst Méint a Joeren nach laang beschäftegen. Mir hoffen, datt geschwënn een Impfstoff op de Maart kënnt an och agesat dāerf ginn.

Mir erlaben äis awer nach puer Wuert zur Vétérinaire-Inspektioun an hierem Labo ze soen. Et ass scho laang gewosst, datt de Labo net méi um neieste Stand vun der Technik ass. Nieft dem Asaz vu verbessertem Material misst d'Personal opgestockt ginn. Sou kënnt beispillweis garantéiert ginn, datt eist Land – niewent der Para-TB - och vum IBR kënnt fräi ginn.

Den Informationsfluss vu Säite vun der Vétérinaire-Inspektioun misst verbessert ginn. Nieft der Lëtzebuurger Press misste besonnesch mir Baueren besser iwwert d'Auswierkungen vun deene verschiddene Kränkten a Seuchen informéiert ginn. Et kann net sinn, datt d'Leit erëm kee Fleesch oder e Minimum u Mëllech konsuméieren well eng Kränk oder Seuch an der Press breet getréppelt gëtt, déi awer dem Mënsch näischt ka schueden.

Baugenehmegungen

Dësweideren ginn et nach grouss Differenzen tëschent deenen eenzelne Memberlänner vun der EU. D'Grenze sinn op an de Marché ass liberaliséiert, mee all Land huet nach ëmmer seng Bestëmmungen, wat beispillweis den Déireschutz, den Emweltschutz oder d'Baumoossnahmen betrëffen.

Duerch dës enorm Ënnerscheeder kréie mir d'Liewen hei zu Lëtzebuerg schwéier gemaach, fir äis um europäesche Marché ze behaapten.

A punkto Baumoossnahmen kann et net sinn, datt et iwwert e Joer dauert, fir eng Genehmegung ze kréien, obschonn datt d'Zuel vun eise Baurebetriber staark ofgeholl huet. Deemno muss d'Personal an deenen eenzelne Büroen opgestockt ginn - wann si dann tatsächlech esou iwwerlaascht sinn, wéi gesot gëtt - fir déi méi séier Veraarbechtung vun den Dossier'en ze erméiglechen.

Mir hunn dës Problematik an de leschte Joeren ëmmer nees ugeschwaat, mee leider ass an deem Punkt absolut näischt geschitt. Et kann net sinn, datt een haut säi Stall plangt, dee mat eiser séierer Entwécklung schonn erëm al ass, éiert en iwwerhaupt genehmegt ass.

Kontrollen

Wat Daten-Erfaassung fir d’Kontroll vun de Betriber betrëfft, sou mussen nach ëmmer eng Abberzuel vun Donnéeën duebel erfaasst ginn, wat eng grouss Belaaschtung fir d’Betriber mat sech bréngt.

Dobäi kommen nach déi sougenannte Kontrollprogrammer, wéi QM bei der Mëllech a QS beim Schwäin, déi äis groussarteg presentéiert goufen an eise Betriber e gesécheren Oppräis um Marché sollte bréngen. Wéi esou oft, sinn dës Programmer elo zum Standard ginn a wann e Betrib se net matmécht, kann e séng Produkter emol net méi ofliwweren; Hei ass vun Oppräis deemno kéng Spuer.

Wann een sech hautdesdaags méi Gedanken iwwert d’Kontrollinstanzen maachen muss, wéi ëm d’Déiere selwer, da si mir eiser Meenung no um falsche Wee.

Liewensmëttelpräisser

D’Liewensmëttelpräisser sinn en Alldagsthema an de Medien ginn. Anscheinend gëtt alles ze deier fir eis léif Konsumenten. Mir wëllen hei awer emol drop hiweisen, datt de Konsument am Joer 1980, 21,4 % vu séngem Akommes fir Liewensmëttel ausginn huet; am Joer 2006 waren dat nach just 11,3 %.

Wann de Bauer haut 40 Cent fir de Liter Mëllech géif kréien, da wir dat genau dee Präis, deen hien virun 20 Joer krut – dat mécht deemno keen Cent oder Frang méi fir hien aus. Wéi steet et awer mat sénge Produktionskäschten?

E weidert Beispill fënnt ee beim Schwéngfleesch, wou mir haut bei 1,50 €/kg leien. Virun 20 Joer krut de Produzent 90 Frang/kg. Ëmgerechent sinn dat 2,25 €. Deemno kritt de Betrib haut 30 % manner fir säi Produit, wéi virun 20 Joer; Wuelverstannen ass bei deenen 2 Beispiller kéng Inflatioun mat agerechent ginn.

Da soll nach een äis zielen - wéi äis dat an de Medien vermëttelt gëtt - eis Präisser géifen an d’Luucht goen. Wou sinn eis Gewerkschaften an eis Landwirtschaftskammer? Mir fannen, datt si hei Stellung bezéie sollten.

Och wiere mir frou, wann d’Produktionskäschten vun der Mëllech, dem Fleesch, de Käeren, dem Uebst an dem Geméis grëndlech analyséiert géifen. Fir äis ass kloer, datt mir mat der Lounpolitik hei zu Lëtzebuerg, am Agrarsektor net zum Weltmaatpräis produzéieren kënnen!

Erneierbar Energien

Och wann déi erneierbar Energien op dësem Jongbauerendag net Haaptthema sinn, sou sinn si bei äis net vergiess.

Déi wichtegst Aufgab vun der Landwirtschaft bleift nach ëmmer d’Produktioun vun héichwäertegen a gesonde Liewensmëttel. Mir als Jongbaueren wëllen awer och eng wichteg Roll bei der Léisung vun den Erausforderungen spillen, déi op eis Gesellschaft vum 21. Joerhonnert duerkënn. D’Landwirtschaft ass ee Partner am Kampf géint de Klimawandel. Beispillsweis kann d’Produktioun vun Agro-Energie eng wichteg Roll beim Erreechen vun de Kyoto-Ziler spillen.

D’Nofro no erneierbaren Energien klëmmt bestänneg. Bei de konventionellen Energien bleiwe mir ofhängeg vun deene Länner an deenen si produzéiert ginn. D’Schafung vun engem nohaltegen Agro-Energie-Sektor ass eng Erausforderung, där sech déi ganz Landwirtschaft stelle muss. Sougutt déi lëtzebuergesch, wéi och déi europäesch Gesellschaft kënnen nëmmen dovunner profitéieren.

Deemno fuerdere mir eis Regierung, eis Landwirtschaftskammer, eis Gewerkschaften an all déi Organisatiounen op, déi sech mat alternativen Energien befaassen - an natierlech och all eenzelne Bauer, endlech Neel mat Käpp ze maachen.

Wat a leschter Zäit ganz positiv ze bewäerten ass, sinn d'Diskussiounen iwwer dat neit Aspeisungsgesetz, wat d'erneierbar Energien betrëfft. Wat mir awer net an der Rei fannen, ass d'Tatsaach, dass bei eise Biogasanlagen eng Zweekklassegesellschaft entsteet. Pionéier aus der Biogasanlagenbranche ginn einfach am Renn stoe gelooss. Mir fuerderen dowéinst, dass all Biogasanlagbedreier hei am Land d'selwecht behandelt gëtt, an dass d'Aspeisungstariffer fir all Anlag déi selwecht solle sinn.

Och Thema vun den energetesch verwendbaren Offäll aus der Liewensmëttelindustrie läit äis scho säit Joeren um Mo. Et mengt ee bal, dass dat, wat nach quasi gutt genuch fir op den Teller ass, net méi gutt genuch ass, fir eng Biogasanlag ze speisen. Mir wiere frou, wann endlech Kloeerheet an dësem Dossier geschaf géif, sou dass dës wertvoll Energiequell de Biogasanlagenbedreier net verluer geet.

Dir gesidd, am Beräich vun der erneierbarer Energie bleift nach vill Aarbecht ze maachen; Loosse mir mateneen doru schaffen!

Neit Agrargesetz

Et drängt sech hei natierlech op, fir op dat neit Agrargesetz anzegoen. Wann et endlech gestëmmt ass, soll et de jonke Baueren de Wee an d'Zukunft weisen. Mir si frou, dass dem Wegfalen vun engem Investitiounsplafong - wat eng jorelaang Fuerderung vun eiser Organisatioun war - am neien Agrargesetz, Rechnung gedroe gouf.

Et muss een awer feststellen, dass den neie PDR gewëssen Aschränkungen a Benodeelegungen fir de Bauer, respektiv de Wënzer bréngen:

1. Déi festgeschriwwen Bähëllef vum Plafong baséieren op den Investitiounen, déi am ale Agrargesetz festgesat waren. Et wees jo jiddereen, dass d'Präisser vun de Maschinnen an de Gebeilechkeeten mëttlerweil staark an d'Luucht gaange sinn;
2. Mat de Bähëllef fir eis Wënzerbetriber si mir averstan; Allerdings soll kéng Differenz bei den Investitiounsbähëllef vun de Baueren an de Wënzer gemaach ginn.

Et ass positiv, dass déi jonk Betrëbsleeder op eng Ënnerstützung ziele kënnen an dass méi Wäert op d'Ausbildung geluegt gëtt. Et läit äis awer schwéier um Mo, wéi d'Finanzmëttel vum neien Agrargesetz an der Öffentlechkeet duergestallt gi sinn. Dat neit Gesetz ass keen Agrargesetz méi, mee e Gesetz vun der Entwécklung vum ländleche Raum.

Et dierf net sinn, dass d'Leit duerch d'Medien d'Impressioun kréien, wéi wann de Baueren e Budget vu 415 Milliounen nogehät géif ginn. Et dierf net vergiess ginn, dass e grouse Batz vun deene Suen och fir den Agri-Alimentäre-Sektor virgesinn ass.

Vun deem Deel, deem am neien Agrargesetz iwwert d'Drëtt Axe verdeelt gëtt, huet kee Bauer eppes. D'Initiativen an den EU-Leader-Programmer sinn hei zu Lëtzebuerg net onbedingt am Interêt vun de Baueren. Si décken net dat ganz Land of an oft sëtzen an de Leader-Büroen éischer d'Häuptlingen vun deene jeweelege Gemengen, sou dass net méi vill Plaz bleift fir d'Vertrieder vum Bauerestand.

Äis schénkt et net sënnavoll ze sinn, dass d'Suen aus eisem Agrargesetz fir d'Produktioun vu Kachbicher, asw. benotzt ginn.

Trotzdem hoffe mir, datt dat neit Agrargesetz esou séier ewéi méiglech duerch déi verschidden Instanzen geet, fir deene jonken an innovative Baueren, eng Basis ze schaafen, déi et hinnen erlabt an d'Zukunft ze investéieren.

Mir erlaben äis hei Kritik un engem Deel vun eise lëtzebuenger Betriber ze maachen. Et kann net sinn, datt eng grouss Zuel vu Betriber aus Gelder finanziert ginn, déi net am Betrib erschafft gi sinn. Dëst ass e Mëssstand hei zu Lëtzebuerg a mécht et deene Betriber schwéier ze iwwerliewen, déi net iwwert dës Finanzmëttel verfügen.

Schwéngszucht

Mir maachen äis Gedanken, datt nach just Qualitéitsprogrammer - wéi beispillsweis d'Marque Nationale integral bei de Schwäin - subventionnéiert ginn. An dat bei engem Programm, bei deem d'Schwäin net emol hei am Land muss gebuer sinn. Et geet duer, datt et e puer Wochen hei gefiddert gëtt. Dëst ass e Réckschlag fir eis Lëtzebuenger Firkelsproduzenten, déi net mat de niddrege Produktiounskäschten wéi déi vun den Dänen oder den Hollänner kënne mathalen, bedingt durch déi extrem héich Emweltoplagen, Cathedral-Gebeier an L-Form asw.. Dës kënnen och net duerch Subventiounen opgefaange ginn.

Mëllechquoten

Schlussendlech wëlle mir nach e puer Wuert iwwert d'Mëllechquoten verléieren. Datt d'Mëllechquoten am Joer 2015 ewegfalen, wäert mëttlerweil jiddremem bewosst sinn. Dofir versti mir net virwat, datt uechter d'Land nach ëmmer ze deier Quotepräisser bezuelt ginn.

Mir fuerdere vun deenen Zoustännegen zu Bréissel, datt de Mëllechquotenhandel esou séier ewéi méiglech – an dat europawäit – opgeet. Et dierf net nees erem heeschen „Mir sinn ze kléng, mir hu kee Poids do“.

Och wëlle mir, datt eise Virschlag berücksichtegt gëtt, dee mir an enger Entrevue mam SER gemaach hunn, fir datt d'Supertaxe lues a lues verschwënnt. Dëst géif et äis an eise Molkereien erlaben äis adäquat a performant ob deen zukünftege Marché ouni Quoten virzebereeden.

Schlusswuert

Dir gesidd, bei all dëse Punkten, déi mir elo ugeschwat hunn, gëtt et nach vill ze maachen. Mir wiere frou, wann deemno all d'Akteuren aus dem landwirtschaftlesche Sektor hieren Deel zu enger positiver Zukunft géife bäidroen. Nëmme zesummen si mir stark!

Ech soen lech Merci!